

BIERGERFORUM KONSUM

MIREILLE KOSMALA

OVATIOUN VUM NEIE GEMENGEROT




STENGEFORTER NEIEGKEETEN

DE MAGASINN VU STENGEFORT

N° 114
Mäerz
2024



Commune de
Steinfort



Impressum

Editeur : Gemeng Stengefort – Service Relations publiques

Redaktioun : Service Relations publiques, Service écologique, Service Égalité des chances

Fotoen : Gemeng Stengefort, Daniel Frieden, Mireille Kosmala

Titelbild : Concert de Nouvel An vun der Militärmusek

Konzeptioun: Vous Agency

Layout : Service Relations publiques

Realisatioun : Service Relations publiques

Drock : Imprimerie Heintz

Pabeier : Nautilus Superwhite 100% recyclé

Stéckzuel : 2600

Stengefort, Mäerz 2024



VIRWUERT

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Et ass mir erëm e Pleséier lech déi neisten Editioun vun de Stengeforter Neiegkeeten kënne virstellen. Eise Gemengemagasinn bitt lech e flotte Réckbléck op eng Selektioun vu Manifestatiounen vun de leschte Wochen a Méint aus eiser Gemeng.

Wéi gewinnt stinn eis Leit, sief et eis Awunner.innen, eis Benevollen aus de ville Veräiner, eist Personal vun der Gemeng, eis Membere vum Gemengerot,... am Méttelpunkt vun dëser Publikatioun. Am Interview hate mir dës Kéier den Daniel Frieden, Verrieder vun der DP am Gemengerot. Engagéierte Matbierger vun der éischer Stonn, verkierpert hien de Geescht vum biergerlechen Engagement. Hien deelt seng Gedanken a Pläng fir d'Zukunft vun eiser Gemeng mat eis.

Ass lech bewusst datt mir eng Weltmeeschterin ënnert eise Matbierger.innen zielen? Mir sinn houfreg lech d'Mireille Kosmala als Stengeforter Perséinlechkeet virstellen! Dës remarkabel Sportlerin huet e.a. Enn Januar den Titel vu Weltmeeschterin am indoor Gewiichtwerfen an der Kategorie W55 gewonnen! Entdecke konnt Dir schonns déi eng oder aner Foto vun hir an eiser Billerweeausstellung „Eis Sportlerinnen“. Wat et soss nach alles Interessantes iwwert si ze wësse gëtt, kënnt Dir op de Säiten 23-31 noliesen.

Natierlech wier kee Réckbléck komplett ouni iwwert déi wichtegst Manifestatiounen, déi d'Gemengeliewen an de leschte Méint animéiert hunn, a Form vun Text a Bild ze berichten. Vun Biergerworkshops zu Diskussionsronnen iwwert Theaterrepresentatiounen a Concerten: loosst eis nach eng Kéier gemeinsam op dës flott Momenter vum Zesummeliewen zeréck blécken.

Ech hoffen, datt dës Editioun lech esou vill Freed bereet beim Liesen, ewéi se eiser Ekipp Spaass bereet huet fir se fir lech ze gestalten!

Äre Buergermeeschter,
Sammy Wagner



ÉDITORIAL

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

J'ai le plaisir de vous présenter la dernière édition des Stengeforter Neiegkeeten. Notre magazine communal vous offre une agréable rétrospective sur une sélection de manifestations des dernières semaines et mois dans notre commune.

Comme d'habitude, notre publication met en lumière nos concitoyen.ne.s, qu'il s'agisse de nos résident.e.s, de nos bénévoles des nombreuses associations, de notre personnel municipal, de nos membres de notre Conseil communal. Nous avons eu le privilège d'interviewer Daniel Frieden, représentant du DP au Conseil communal. Engagé dès la première heure, il incarne véritablement l'esprit d'engagement citoyen. Il partage avec nous ses réflexions et ses projets pour l'avenir de notre commune.

Saviez-vous que nous comptons une championne du monde parmi nos concitoyen.ne.s ? Nous sommes fiers de vous présenter Mireille Kosmala en tant que personnalité de Steinfort ! Cette remarquable sportive a récemment remporté le titre de championne du monde de lancer du marteau lourd en salle dans la catégorie W55! Vous avez pu déjà découvrir l'une ou l'autre photo d'elle dans notre exposition du Billerwee « Nos sportives ». Vous pouvez lire tout ce qu'il y a d'intéressant à savoir à son sujet aux pages 23-31.

Bien entendu, aucune rétrospective ne serait complète sans rendre compte, à travers des textes et des images, des événements les plus marquants ayant animé la vie communale ces derniers mois.

Des workshops citoyen.ne.s aux tables rondes, en passant par les représentations théâtrales et les concerts : revenons ensemble sur ces grands moments de convivialité.

J'espère que cette édition vous apportera autant de plaisir à la lire que notre équipe en a eu à la réaliser pour vous !

Votre bourgmestre,
Sammy Wagner

FOREWORD

Dear fellow citizens,

I am pleased to present you the latest edition of the Stengeforter Neiegkeeten. Our municipal magazine provides you with a pleasant retrospective of a selection of events from the past weeks and months in our municipality.

As usual, our publication highlights our fellow citizens, whether they are residents, volunteers from our many associations, municipal staff or members of the municipal council. We had the privilege of interviewing Daniel Frieden, the DP representative on the municipal council. Committed from the start, he truly embodies the spirit of civic engagement. He shares with us his thoughts and projects for the future of our municipality.

Did you know that we have a world champion among our citizens? We are proud to introduce Mireille Kosmala as a Steinfort Personality! This remarkable athlete recently won the title of world indoor champion in weight throw in the W55 category! You may have already seen one or two photos of her in our Billerwee exhibition „Our Sportswomen“. You can read all about her on pages 23-31.

Of course, no retrospective would be complete without a written and visual account of the most significant events that have enlivened community life in recent months.

From civic workshops and roundtable discussions to theatre performances and concerts: let's revisit these wonderful moments of camaraderie together.

I hope this edition brings you as much joy in reading as our team had in creating it for you!

Your mayor,
Sammy Wagner

AN DĒSER EDITIOUN DANS CETTE ÉDITION IN THIS EDITION

AUS DER GEMENG LA VIE À LA COMMUNE LIFE IN THE MUNICIPALITY

- 06 | Mir stelle vir!
- 08 | Wëllkomm: Nei Mataarbechter
- 08 | Jubiläen
- 09 | De Nathan am Stage
- 10 | Workshop: E Bléck an de Computer
- 12 | Ovatoun vum neie Gemengerot
- 14 | Noël de la rue
- 16 | Personalfeier

#MIRSISTENGEFORT

- 18 | Portrait vum Daniel Frieden
- 23 | Stengeforter Perséinlechkeet:
Mireille Kosmala
- 32 | #mirsistengefort

RÉCKBLÉCK RÉTROSPECTIVE RETROSPECTIVE

- 33 | Biergerforum 2023 - Konsum
- 38 | Männergesondheet,
een Tabuthema?
- 40 | Nationalen Dag vum Bam
- 42 | Theater-Forum zum Thema
Haislech Gewalt
- 44 | Stengeforter Chrëschtmaart
- 46 | Billerwee Ausstellung
„Eis Sportlerinnen“

- 48 | Dëslescht an eiser Gemeng
Reportage Photo
Picture Report
- 54 | 7 kleng Feeler

MIR STELLE VIR! ALEXANDRA CHARPENTIER & YANNIK MIRANDA

DEPARTEMENT ORDRE PUBLIC

Lu

D’Gemeng Stengefort setzt sech stänneg a fir d’Rou an d’Sécherheet vun hire Bierger.innen ze assuréieren. Eisen Departement vum Ordre public spillt eng wesentlech Roll beim Erhale vun der öffentlecher Uerdnung, Rou, Sécherheet a Propretéit.

Haaptsächlech mat Missiounen am Zesummenhang mat der Police uvertraut, intervenéiert d’Departement ënnert der Autoritéit vum Buergermeeschter, an iwwehëlt wesentlech Aufgaben am Aklang mam Policereglement vun der Gemeng.

Eng vu senge wichtegsten Aufgaben ass et op Park-infraktiounen opzepassen. Zesumme mat der Police vu Capellen, an ënnert der Autoritéit vum Buergermeeschter, verdeelt den Ordre public Avertissements taxés, am

Aklang mam Verkéiersreglement deen de Verkéier op den öffentleche Stroossen reegelt.

Wichtig ze wëssen ass datt d’Gemeng Stengefort net d’Ulafstell ass am Fall vun enger Kontestatioun. An esou engem Fall musst Dir lech perséinlech bei der Police vu Capellen mellen, déi responsabel vum Constat ass.



Fr

La Commune de Steinfort œuvre constamment à assurer la quiétude et la sécurité de ses citoyen.ne.s, et le Département d'Ordre Public joue un rôle essentiel dans la préservation de l'ordre, de la tranquillité, de la sécurité et de la salubrité publiques.

Principalement investi de missions liées à la police rurale, le département intervient sous l'autorité du bourgmestre, exécutant des tâches essentielles en accord avec le règlement général de police de la commune.

Une de ses missions cruciales consiste à contribuer à la constatation des infractions de stationnement. En collaboration avec le commissariat de police de Capellen et sous l'autorité du bourgmestre, le Département d'Ordre Public décerne des avertissements taxés conformément à la législation régissant la circulation sur toutes les voies publiques.

A noter que la Commune de Steinfort n'est pas l'interlocuteur en cas de contestation. Il faudra se présenter personnellement au commissariat de Capellen ayant procédé au constat.

En

The municipality of Steinfort is constantly working to ensure the peace and security of its citizens, and the Public Order Department plays a crucial role in maintaining public order, tranquility, safety and cleanliness.

Primarily involved in tasks related to policing, the department operates under the authority of the mayor and carries out essential duties in accordance with the municipality's general police regulations.

One of its crucial missions is to contribute to the detection of parking offences. In collaboration with the Capellen police station and under the authority of the mayor, the Public Order Department issues taxed warnings in accordance with the legislation governing traffic on all public roads.

It is important to note that the municipality of Steinfort is not the contact point in case of disputes. You must personally present yourself to the Capellen police station that issued the citation.

WĒLLKOMM: NEI MATAARBECHTER



**Arlinda
Brissos Dos Santos**

Service Nettoyage
Département technique



Benjamin Ewerling

Service Relations publiques
Département administratif



Loïc Policarpo

Service Régie
Département technique



David Pepper

Service Régie
Département technique

- Lu** D'Personal vun der Maison Relais vu Stengefort gëtt all Joer an eiser Publikatioun „De Kannerbuet“ virgestallt. Fir d'Rechter a Fräiheete vun eisem Personal am Kader vun der allgemenger Dateschutzreglement ze respektéieren, ass dës Lëscht net komplett.
- Fr** Le personnel de la Maison Relais de Steinfort est présenté chaque année dans notre publication « De Kannerbuet ». Afin de respecter les droits et libertés de notre personnel dans le cadre du règlement général sur la protection des données, cette liste n'est pas exhaustive.
- En** The staff of Maison Relais de Steinfort are profiled each year in our publication "De Kannerbuet". In order to respect the rights and freedoms of our staff in accordance with the General Data Protection Regulation, this list is not exhaustive.

JUBILÄEN



16. Dezember 2023

90 Joer, Madamm Marguerite Graul, Stengefort

22. Januar - 2. Februar 2024

DE NATHAN AM STAGE

Lu

Am Januar hu mir den Nathan, Schüler op enger 5^e G science am Lycée Josy Barthel zu Mamer, fir een Observatiounsstage an der Gemeng opgehol. Passionéiert vun IT an interesséiert un enger Karriär andësem Beräich, huet den Nathan den Alldag vun eisem IT Spezialist vun noem kënnen beobachten. 2 Woche laang war hien u verschiddenen Aufgaben, dorënner d'Installatioun vum neien Dréckersystem an d'Virbereedung vu Laptops, bedeelegt. Seng Begeeschterung a säin Engagement ware wäertvoll fir eis Ekip. Mir si frou jonke Leit d'Méiglechkeet kënnen ze ginn hir berufflech Leidenschaft bei a mat eis ze entdecken a wënschen him dat Beschit fir seng Zukunft. Mir sinn zouversichtlech datt de Nathan a senger Passioun fir Informatik weider wäert exceléieren.

Fr

En janvier, nous avons accueilli Nathan, lycéen en 5^e générale scientifique au Lycée Josy Barthel à Mamer, pour un stage d'observation à la commune. Passionné par l'informatique et aspirant à une carrière dans ce domaine, Nathan a observé de près le quotidien de notre informaticien. Pendant 2 semaines, il s'est impliqué dans diverses tâches, notamment l'installation du nouveau système d'imprimante et la préparation de PC portables. Son enthousiasme et son engagement ont été des atouts précieux pour notre équipe. Nous sommes ravis d'offrir aux jeunes l'opportunité d'explorer leurs passions professionnelles avec nous et souhaitons à Nathan le meilleur pour son avenir, convaincus qu'il continuera à exceller dans sa passion pour l'informatique.

En

In January, we welcomed Nathan, a high school student in the 5th grade of the scientific program at Lycée Josy Barthel in Mamer, for an internship at the municipality. Passionate about IT and aspiring to a career in this field, Nathan closely observed the daily routine of our IT specialist. Over the course of 2 weeks, he was involved in a variety of tasks, including the installation of the new printer system and the preparation of laptops. His enthusiasm and commitment were valuable assets to our team. We are delighted to be able to offer young people the opportunity to explore their professional passions with us. We wish Nathan all the best for his future, confident that he will continue to excel in his passion for IT.



November 2023

WORKSHOP

„E BLÉCK AN DE COMPUTER“ AN EISER MAISON RELAIS

Lu

Wéi gesäit e Computer vu bannen aus?

Wat ass programméieren a wéi funktionéiert dat?

Wéi kann ech geheim Message a Binärcoden entschlësselen?

Dës faszinéierend Froen a vill anerer hunn de Virwëlz vun de Kanner vum Cycle IV stimuléiert bei hirer Participatioun um Workshop „E Bléck an de Computer“. Dëse Workshop, organiséiert vum Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit an eiser Maison Relais, huet als Zil d'Geheimnisser vun der Informatik opzeklären.

Dësen Atelier soll d'Informatik spilleresch demystifizéieren an eng eventuell Ofleenung ofbauen, besonnesch bei jonke Meedercher, fir all Angscht virun dësem spannende Beräich ze reduzéieren.

Fr

À quoi ressemble l'intérieur d'un ordinateur ?

Qu'est-ce que la programmation et comment fonctionne-t-elle ?

Comment décoder des messages secrets et des codes binaires ?

Ces interrogations captivantes et bien d'autres ont stimulé la curiosité des enfants du cycle IV lors de leur participation à l'atelier « Un regard sur l'ordinateur ». Cet atelier, organisé par le ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité au sein de notre Maison Relais, a eu pour objectif d'explorer les mystères de l'informatique.

En offrant un espace d'apprentissage ludique, cet atelier visait à démystifier l'informatique et à encourager une compréhension plus approfondie de ces concepts, notamment chez les jeunes filles, afin de diminuer toute appréhension face à ce domaine passionnant.

En


What is the inside of a computer?

What is programming and how does it work?

How do you decode secret messages and binary codes?

These and many other intriguing questions aroused the curiosity of the children of Cycle IV when they took part in the workshop „Un regard sur l'ordinateur“ („A look at the computer“). Organised by the Ministry for Gender Equality and Diversity at our Maison Relais, the aim of this workshop was to explore the secrets of the computer.

By providing a fun learning space, the workshop aimed to demystify computing and encourage a deeper understanding of these concepts, particularly among young girls, to reduce any anxiety about this exciting field.





20. November 2023

OVATIOUN VUM NEIE GEMENGEROT

Lu

E sëllege Matbierger.innen haten sech an de Keeseminnen versammelt fir bei der Ovation vum neie Gemengerot dobäi ze sinn. No der Usprooch vum President vun der Entente vun de lokale Veräiner, dem Guy Laroche, ass et zur Éierung komm. Fir d'éischt kruten d'Membere sortant e grouse Merci gesot fir hiren Asaz éier de „neie“ Gemengerot op d'Bün geruff gouf fir d'Ovation. Mat der Ried vun eisem Buergermeeschter, Sammy Wagner, ass den offiziellen Deel zu sengem Schluss komm.

Duerch de ganzen Owend hunn d'Harmonie Klengbetten an d'Stengeforter Musek zesumme fir de musikaleschen Encadrement gesuert. Bei engem Maufel an engem gudde Patt ass den Owend lues awer sécher zu en Ënn komm.

Fr

Vous étiez nombreux.euses à vous être rassemblé.e.s au centre culturel Keeseminnen pour assister à l'ovation de notre nouveau conseil communal. Le programme comprenait une allocution du président de l'Entente des sociétés, Guy Laroche, suivie d'une ovation chaleureuse en l'honneur des membres sortants ainsi que des nouveaux membres du conseil communal. La partie officielle de la soirée s'est conclue avec un discours de notre bourgmestre, Sammy Wagner.

L'accompagnement musical tout au long de la soirée a été assuré par les ensembles musicaux Harmonie Klengbetten et Stengeforter Musek. L'atmosphère festive s'est progressivement installée, offrant à chacun.e l'occasion de partager des moments conviviaux autour du verre de l'amitié, marquant ainsi une belle clôture de la soirée.

En

Many of you gathered at the Keeseminnen Cultural Centre to witness the inauguration of our new Municipal Council. The programme included a speech by the President of the Entente des Sociétés, Guy Laroche, followed by a warm ovation in honour of the outgoing and incoming members of the Municipal Council. The official part of the evening ended with a speech by our Mayor, Sammy Wagner.

Musical entertainment was provided throughout the evening by Harmonie Klengbetten and Stengeforter Musek. The festive atmosphere gradually settled down, giving everyone the chance to share a few convivial moments over a glass of friendship, marking a fine end to the evening.

Dezember 2023

NOËL DE LA RUE



Lu

Säit 2012 ënnerstëtzen d'Kanner an d'Personal aus der Maison Relais Stengefort d'Associatioun „Noël de la rue“. All Joer kréien d'Leit deenen et net esou gutt geet e flotte Kaddo vun hinnen fir d'Fest vun der Léift geschenkt. Dëst Joer kruten si eng Këscht gefëllt mat selwer gemaache Kichelcher vun eise Kanner aus der Maison Relais Stengefort. Domat wëllen d'Kanner hinnen eng kleng Freed an der däischterer Joreszäit maachen.

Déi 42. Editioun vum Chrëscht dags-iessen „Noël de la rue“ huet de 25. Dezember 2023 am Tramsschapp a Präsenz vu méi wéi 350 Sans-abrien statt fonnt, dat Ganzt orchestréiert vun engen 80 Fräiwëlleger a ville Partner, dorënner d'Maison Relais Stengefort.

Fr

Depuis 2012, les enfants et le personnel de la Maison Relais Steinfort soutiennent l'association « Noël de la rue ». Chaque année, les moins fortuné.e.s reçoivent ainsi un joli cadeau de leur part pour célébrer la fête de l'amour. Cette année, il s'agissait d'une boîte de biscuits faits maison et avec amour par les enfants de la Maison Relais Steinfort pour leur donner un peu de joie et du réconfort pendant cette saison, souvent marquée par l'obscurité.

La 42^e édition du dîner « Noël de la rue » s'est déroulée le 25 décembre 2023 au Tramsschapp en présence de plus de 350 personnes sans abri, le tout orchestré par quelques 80 bénévoles et de nombreux partenaires, dont la Maison Relais Steinfort.

En

Since 2012, the children and staff of Maison Relais Steinfort have been supporting the charity „Noël de la rue“. Each year, the less fortunate receive a lovely gift from them to celebrate the festival of love. This year, it was a box of biscuits lovingly baked by the children of the Maison Relais Steinfort to bring them a little joy and comfort during this often dark time of year.

The 42nd edition of „Noël de la rue“ dinner took place on 25 December 2023 in the Tramsschapp in the presence of more than 350 homeless people, orchestrated by around 80 volunteers and numerous partners, including Maison Relais Steinfort.



19. Januar 2024

PERSONALFEIER

Lu

Am Januar huet d'Gemeng hier alljärelech Personalfeier ënnert dem Motto vun den Années folles gefeiert. An engem Kader inspiréiert aus den 20^{er} Joren a mat der passender Musek hunn déi 150 Gäscht, déi op d'Invitatioun vum Schäfferot geäntwert haten, e memoraablen Owend verbruecht.

Bei dëser Geleeënheet sinn och verschidde Membere vum Personal geéiert ginn, sief et fir 20 Joer am Déngscht oder fir hir Pensioun. E flotten Owend deen der Dankbarkeet a der gudder Laun gewidmet war!

Fr

En janvier, la commune a célébré sa fête du personnel annuelle sous le thème des années folles. Dans un décor inspiré des années'20 et au son de la musique adéquate, les 150 invités qui ont répondu à l'invitation du Collège échevinal ont passé une soirée mémorable.

A cette occasion, plusieurs membres de l'équipe ont été honorés, que ce soit pour 20 ans de loyaux services ou pour leur départ à la retraite. Une soirée festive placée sous le signe de la reconnaissance et de la bonne humeur !

En

In January, the municipality celebrated its annual staff party with a Roaring Twenties theme. Set against a backdrop inspired by the 1920s and accompanied by fitting music, the 150 guests who responded to the invitation from the Municipal Council enjoyed a memorable evening.

On this occasion, several team members were honoured, whether for 20 years of loyal service or for their retirement. It was a festive evening marked by appreciation and good cheer!





PORTRAIT VUM DANIEL FRIEDEN



VERTRIEDER VUN DER DP AM STENGEFORTER GEMENGEROT

Lu

Dem Daniel Frieden säin Asaz fir d'Wuel vu senge Matbierger.innen huet seng ganz kommunal Carrière markéiert. Pensionéiert an engagéierte Papp vun zwee Kanner, huet hien e groussen Deel vu sengem Liewe fir seng Gemeng gewidmet. Fréiere Fonctionnaire, aktive Member vum Gaart an Heem Hoen a.s.b.l., dem Photo a Ciné Club Objectif 2001, a laangjäreg Sänger am, mat de Joer verschwonnenen, Gesangveräin Union Chorale Steinfort-Kleinbettingen, verkierpert den Daniel de Geescht vum biergerlechen Engagement.

Nodeems hien eng Rei Joer aktiv an der lokaler Sektoun Stengefort, Klengbetten, Hoen a Grass vun der demokratescher Partei war, huet hien de Poste vum President vun der Sektoun iwwerholl. Den Daniel sëtzt zanter 1999 am Stengeforter Gemengerot, wou säin Asaz et him souguer erméiglecht huet vun 2011 bis 2017 de Roll vum Schaffen ze iwwerhuelen. Seng Bereitschaft a seng déif Bindung un d'Verbesserung vum Alldag vun den Awunner.innen maachen hien zu engem wäertvollen Acteur fir eis Gemeng.

Haut hu mir de Pleséier e bésse méi iwwer den Daniel gewuer ze ginn, fir méi iwwer säi Wee, seng Iwwerzeegungen a seng Visioun fir d'Zukunft vun eiser Gemeng ze léieren.

Wéi géingt Dir lech an e puer Wieder beschreiwen?

Ech hunn ni vergiess wou ech hir kommen, nämlech aus enger einfacher Famill vu Klengbetten. Scho fréi hunn ech geléiert, dass et net ouni Fläiss geet wann een Eppes erreche wëll.

Frëndlechkeet: Ech si vu mengen Eltere geléiert ginn, datt ee mat Frëndlechkeet méi wäit kënnt wéi mat Stuerheet, Bornéiertheit an Onmanéierlechkeet. Un engem „Gudde Moien, Gudden Owend, Merci a Wannechgelift“ ass nach kee gestuerwen.

Éierlechkeet a Fairness, Respekt vis-à-vis vu menge Matmënschen.

Eng gewëssen Haartnäckegkeet fir Eppes ze errechen a Projeten ëmzesetzen (och wann et munech mol laang dauert).

Wéi kouw et dozou datt Dir lech fir d'Gemegepolitik interesséiert hutt an datt Dir aktiv an enger Partei gi sidd?

A mengem Beruff konnt ech dagdeeglech feststelle, datt et net duer geet gutt Iddien ze hunn, et muss een och d'Méiglechkeet kréien se ëmzesetzen. Et geet net duer fir ënnert Kolleegen oder beim Comptoir Iddien a Kriticke vun sech ze ginn. Et muss een sech engagéieren a konsequent seng Iddie verrieden. Am beschte geet dat an der Gemegepolitik, wëll do huet een d'Méiglechkeet Projeten ëmsetzen. An der nationaler Politik ass ee scho méi wäit vum Bierger ewech.

Wéi huet lech Är Erfahrung als Gemegeconseiller markéiert oder influenzéiert?

Ech si méi oppe ginn an ech hu geléiert, dass een de Leit nolauschteren soll ier ee plangt an ëmsetzt.

Wéi gesitt Dir déi zukünfteg Evolutioun vun der Gemeng a punkto Entwécklung a Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun den Awunner.innen?

Stengefort ass als PAD-Gemeng agestuft, dat heescht Stengefort huet eng ganz Rei Atoute vis-à-vis vun anere Gemengen. Dëst sinn eng ganz Rei Punkten déi, ënnert anerem, fir d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger.innen wichteg sinn. Dofir muss eis Gemeng och grouss Efforte maache fir dësem Statut gerecht ze ginn an en ze erhalten. Stengefort wíisst a kritt ëmmer méi Awunner, mee dofir mussen mir suergen, dass eis Gemeng déi néideg Infrastrukturen opbaut fir den Niveau vun der Liewensqualitéit ze erhalten an wann méiglech ze verbesseren.

Mir duerfen awer och net vergiessen, datt dës Infrastrukture vill Geld kaschten an dofir mussen mir besonnesch d'Finanzen am A behalen, net, dass mir herno Infrastrukturen dostoen hunn an déi nächst Generatiounen d'f' Scholde bezuelen an hunn net méi déi néideg Méiglechkeete fir sech weider ze entwéckelen. Dat wär alles anescht wéi eng nohalteg Politik am Sënn vun eisen nofolgende Generatiounen.

Wéi eng Rotschléi géift Dir de jonke Generatiounen, déi sech am Gemengeliewen engagéieren a positiv zu hirem lokalen Ëmfeld bäidroen wëllen, mat op de Wee ginn?

Virun Allem müssen si hir Dossierer am Fong kënnen a beherrschen. Si sollen de Leit nolauschtere mee kritesch a realistesch bleiwen an nëmmen dat verspreche wat si och hale kënnen.

Wat bedeit et lech en aktive Member beim Gaart an Heem Hoen a beim Ciné Club Objectif 2001 ze sinn?

De Kontakt mat de Leit an de Memberen ze hunn. Zesumme mat de Kolleginnen a Kollegen aus de jeeeweilege Comitéen Aktivitéiten op d'Been ze setzen déi den Interesse vun eise Memberen entgéint kommen.

Wéi gesitt Dir d'Roll vun de Bierger.innen fir eng staark a vereenegt Gemeng opzebauen an ze erhalten?

Wann een an enger Gemeng wëllt hunn, dass hir Awunner.innen zefridde sinn, da muss een op si lauschteren a versiche mat hinnen zesumme Projeten ëmzesetzen. Projeten an Iddie vun uewenerof de Leit opzedrécke bréngt näischt. Am Meeschten erreicht ee wann ee mat de Bierger.innen hir Iddien ëmsetzt, fräi nom „Bottom Up“ Prinzip.

De Gemengerotsmember Daniel Frieden ganz privat

Op wéi 3 Géigestänn géif Dir doheem net wëlle verzichten?

Meng Bicher, mäi Fotoapparat a mäin Handwierksgeschier

Léiwer Kino oder Theater?

Kinosfilmer um Fernseh kucken – Theater an natura kucke goen

Léiwer Pizza oder Ham, Fritten an Zalot?

Dat ass jee no Laun a Gloscht : Pizza a Fritten, Ham an Zalot

Vëlo oder Auto?

Auto

Pabeierzeitung oder online Medien?

Pabeierzeitung

Blumen oder Hecken?

Béides, Blumen an Hecken, béides op senger Plaz an zu sengem Zweck

Spadséiere goen oder doheem am Gaart?

Doheem am Gaart

Wäin oder Béier?

Wäin

Analog oder digital Fotografie?

Digital

Wanter oder Summer?

Summer





PORTRAIT DE DANIEL FRIEDEN

**REPRÉSENTANT DP AU CONSEIL COMMUNAL
DE STEINFORT**

Lu

L'engagement de Daniel Frieden envers le bien-être de ses concitoyen.ne.s a marqué toute sa carrière communale. Retraité et père dévoué de deux enfants, il a consacré une grande partie de sa vie à sa commune. Ancien fonctionnaire, il est également membre actif de Gaart an Heem Hoen a.s.b.l., du Photo et Ciné Club Objectif 2001 et il a longtemps exercé son talent vocal au sein du club de chant Union Chorale Steinfort-Kleinbettingen (chorale disparue au fil des années). Daniel incarne véritablement l'esprit d'engagement citoyen.

Ayant été actif pendant de nombreuses années au sein de la section locale Steinfort, Kleinbettingen, Hagen et Grass du parti démocrate, il en a repris la présidence. Membre du Conseil communal de Steinfort depuis 1999, Daniel a démontré son implication en assumant la fonction d'échevin de 2011 à 2017. Son dévouement inébranlable et son attachement profond à l'amélioration du quotidien des habitant.e.s font de lui un acteur essentiel pour notre commune.

Aujourd'hui, nous avons le plaisir de découvrir davantage sur Daniel, d'en apprendre plus sur son parcours, ses convictions et sa vision pour l'avenir de notre commune.

Décrivez-vous en quelques mots.

Je n'ai jamais oublié mes origines, à savoir d'une simple famille de Kleinbettingen. Dès mon jeune âge, j'ai appris que la réussite nécessite un labeur acharné.

Gentillesse : mes parents m'ont appris que la gentillesse mène plus loin que l'obstination, l'étroitesse d'esprit et

l'impolitesse. Personne n'a jamais souffert d'un « bonjour, bonsoir, merci et s'il vous plaît ».

Honnêteté et équité, respect envers mes semblables.

Une certaine détermination à concrétiser des projets (même si cela prend du temps).

Qu'est-ce qui vous a initialement motivé à vous intéresser à la vie communale et à devenir actif au sein d'un parti politique ?

Dans mon emploi, j'ai pu constater quotidiennement qu'il ne suffit pas seulement d'avoir de bonnes idées, il faut aussi avoir la possibilité de les concrétiser. Il ne suffit pas de partager des idées et des critiques entre collègues ou au comptoir. Il est impératif de s'engager activement et de représenter systématiquement ses idées. C'est dans la politique communale qu'on y parvient le mieux, car on a la possibilité de réaliser des projets. En revanche, la politique nationale nous éloigne davantage des citoyen.ne.s.

En quoi votre expérience en tant qu'échevin de la commune vous a-t-elle le plus marqué ou influencé ?

Je suis devenu plus ouvert et j'ai appris qu'il fallait écouter les gens avant de planifier et de mettre en œuvre.

Comment envisagez-vous l'évolution future de notre commune en termes de développement et d'amélioration de la qualité de vie pour ses résident.e.s ?

Steinfort est classée commune PAD, illustrant ainsi ses

nombreux avantages par rapport à d'autres communes. Ces atouts jouent un rôle important entre autres au niveau de la qualité de vie de nos concitoyen.ne.s. En conséquence, il est impératif que notre commune déploie des efforts considérables pour respecter et préserver ce statut. Steinfort grandit et accueille de plus en plus d'habitant.e.s, il est essentiel de garantir que Steinfort développe les infrastructures nécessaires afin de maintenir et d'améliorer la qualité de vie.

Cependant, il est important de garder à l'esprit que de telles infrastructures coûtent très cher. Il est crucial de surveiller les finances, non pas que plus tard nous disposerons des infrastructures et que les prochaines générations devront payer les dettes et n'auront plus les moyens nécessaires pour se développer davantage. Cela n'aurait plus rien à voir avec une politique durable dans l'intérêt de nos générations futures.

Quels conseils donneriez-vous aux jeunes générations qui souhaitent s'impliquer dans la vie communale et ainsi contribuer positivement à leur environnement local ?

Il est essentiel qu'ils.elles connaissent à fond leurs dossiers qu'ils.elles soient en mesure de les gérer et de les maîtriser. Ils.elles doivent être à l'écoute des gens tout en restant critique et réaliste, ne faisant des promesses que s'ils.elles peuvent les tenir.

Que signifie pour vous le fait d'être un membre actif au sein de l'asbl Gaart an Heem Hoen et du Ciné Club Objectif 2001 ?

Être en contact avec les gens et les membres. Mettre en place, ensemble avec les collègues des comités respectifs, des activités qui vont à la rencontre des intérêts de nos membres.

Comment voyez-vous le rôle des citoyen.ne.s dans la construction et le maintien d'une commune forte et solidaire ?

Pour garantir la satisfaction des résident.e.s au sein d'une commune, il est essentiel de les écouter et de chercher à réaliser des projets ensemble. Imposer de haut en bas des projets et des idées ne sert à rien. La méthode la plus efficace consiste à collaborer avec les citoyen.ne.s pour concrétiser leurs idées, suivant le principe « bottom up ».

Le conseiller communal Daniel Frieden en privé

Quels sont les 3 objets dont vous ne voudriez pas vous passer chez vous ?

Mes livres, mon appareil photo et mes outils

Plutôt ciné ou théâtre ?

Regarder des films à la télévision - aller au théâtre

Plutôt pizza ou jambon, frites et salade ?

Cela dépend de l'humeur et de l'envie : pizza et jambon, frites et salade

Vélo ou voiture ?

Voiture

Journal en papier ou médias en ligne ?

Journal en papier

Fleurs ou haies ?

Les deux : fleurs et haies, chacun à sa place et avec sa fonction

Se promener ou chez soi dans le jardin ?

Chez soi dans mon jardin

Vin ou bière ?

Vin

Photographie analogique ou numérique ?

Numérique

Hiver ou été ?

Été



English version



STENGEFORTER PERSÉINLECHKEET

Lu

Mat **#mirsistengefort** wëlle mir eis als Gemeng vun deenen anere Gemengen ervirhiewen.

Dësen Hashtag gebrauche mir reegelméisseg fir eist Zesummeliwwen ze definéieren. Mee **#mirsistengefort** ass net nëmmen en Hashtag, mee et ass vill méi! Et representéiert och all eis Matbierger.innen aus eisen Dierfer mat all hiren Eegenschaften. An dëser Serie stelle mir lech an all Ausgab vun de Stengeforter Neiegkeeten eng Persoun aus eiser Gemeng vir, déi an eisen Aen eng Stengeforter Perséinlechkeet ass.

Dir kënnt eng Stengeforter Perséinlechkeet, déi et interessant wär op dëse Säite virzestellen? Dann zéckt net an informéiert eise Service RP per Mail doriwwer: steinfort.pr@steinfort.lu.

En

With **#mirsistengefort** we want to distinguish ourselves as a municipality from other municipalities.

We regularly use this hashtag to define our life together. Thus **#mirsistengefort** is not just a hashtag, it is much more! It also represents all our fellow citizens from our villages with all their amazing characteristics. With this new series, we present you in each edition of our magazine a person from our municipality, who in our eyes is a Steinfort personality.


You know someone in our municipality who deserves to be featured on these pages? Then don't hesitate to send an e-mail to our PR service at service.pr@steinfort.lu!

Fr

Avec **#mirsistengefort**, nous voulons nous distinguer en tant que commune des autres communes.

Nous utilisons régulièrement ce hashtag pour définir notre vie ensemble. Ainsi **#mirsistengefort** n'est pas seulement un hashtag, c'est bien plus ! Il représente aussi tou.te.s nos concitoyen.ne.s de nos villages avec toutes leurs caractéristiques étonnantes. Avec cette série, nous vous présentons dans chaque édition de notre magazine une personne issue de notre commune qui, à nos yeux, est une personnalité de Steinfort.

Vous connaissez une personnalité de notre commune qui mériterait d'être présentée sur ces pages ? Alors n'hésitez pas à en faire part par mail à notre service RP : service.pr@steinfort.lu !



STENGEFORTER
PERSËINLECHKEET:

MIREILLE KOSMALA

SPORT ASS HIERT LIEWEN...



Lu

..., esou kéint een dem Mireille Kosmala seng remarkabel Karriär resuméieren ! Hoener Matbiergerin zanter 2020 kann hat op eng laang Sportlerinnenkarriär zeréckblécken. Déi éischt virsichtig Schrëtt huet hat als Kand an der Liichtathletik beim CA Schëffleng gemaach. Schnell ass hat du bei d'LASEP (a spéider bei d'LASEL) gewiesselt, wou hat sech un all méiglech Sportarten erugetaacht huet.

1989 ass d'Mireille mam Badminton a Kontakt komm, eng Sportart déi zu där Zäit nach an de Kannerschong stoung ouni qualifizéiert Traineren, ouni Nationalekipp an ouni richteg Infrastrukturen. Hat war mat eent vun deenen éischten déi mat an de Nationalkader koumen. Esou huet hat vun 1991 bis 1994 an der Nationalekipp gespillt a kann e.a. 8 Championstitelen an der héchster Kategorie seng Eegen nennen. Dat war zu enger Zäit wou d'Press sech nach fir all Sportart interesséiert huet, an deemspriechend vill Artikelen verëffentlecht goufen. D'Medieberichte hunn e.a. dozou bäigedroen datt dës Sportart, ewéi aner Sportarten, populär konnte ginn an esou Zouwuess kruten. Hautdesdaags géif esou eng Randsportart warscheinlech op der Stréck bleiwen... D'Mireille huet bis 2021 Badminton gespillt. Ze ernimmen ass, datt hat och eng vun den éischten lëtzebuergeschen Arbitteschen am Badminton war!

2010, no enger Verletzung, huet d'Mireille eppes méi lues

misse maache mam Badminton. Wëll hat awer net wollt am Stëllstand sinn, huet hat ugefaangen sech fir sengem Mann, dem Steve Tonizzo, sengen Disziplin vum Hummer- a Gewichtwerfen ze interesséieren. An hat war direkt verléift! Säin Mann ass säin Trainer ginn. An der Koppel gewannen si allen 2 zesummen, wann d'Mireille erëm eng Meeschterschaft oder soss een Titel gewënnt: hat als Sportlerin a säi Mann als Trainer. Si versti ganz genau ewéi een sech a gewëssen Situatiounen (beim Gewannen ewéi beim Verléieren) fillt a wat een da brauch... Eng perfekt Ergänzung a Stäip!

Hummer- a Gewichtwerfen (schwéieren Hummer) si Liichtathletikdisziplinen, déi net esou populär a verbreet sinn, a scho guer net zu den typesche Frae Sportarten hei zu Lëtzebuerg zielen. Trainéiert gëtt d'ganz Joer dobaussen, onofhängeg vum Wieder. Et brauch een e puer Joer fir technesch op engem Niveau ze sinn, deen et engem erlaabt op Kompetitiounen gutt Resultater ze erreechen. Et brauch een also Éiergäiz an zumools Disziplin. Zu Lëtzebuerg ginn et just 3 Plaze wou Hummer- a Gewichtwerfen kann trainéiert ginn well d'Clibb iwwert déi néideg Infrastrukturen verfügen: Diddeleng (Zoufftgen), Zéisseng an Ettelbréck. Esou ass et natierlech net einfach fir Jugendlecher an/oder Erwuessener sech fir dës speziell Sportarten ze interesséieren. Am Moment zielt eist Land 5 Dammen déi sech dësen Disziplin widmen, d'Mireille abegraff.

D'logistesch Schwieregkeet beim Hummer- a Gewiichtwerfen ass, datt een esouwuel e Käfeg ewéi eng grouss Surface, (z. Bsp. eng Wiss) brauch wou den Hummer ka geworf ginn. Reegelméisseg stinn d'Käfeger bei/op Fussballsterrainen, wou dann net geworf ka ginn, well soss jo den Terrain beschiedegt kéint ginn. Eng weider Schwieregkeet besteet doranner datt de Belag vum Krees net genormt ass (jee no Belag glat, rau oder esouguer lackéiert) wat d'Saachbeischwierige Wiederbedingungen net méi einfach mécht well ee muss fir all Situatioun virbereet sinn. An da kënnt nach de Probleem vun der Sécherheet vun de Leit ronderëm: Et kann een ni am viraus soen wou den Hummer wäert hifléien, sou datt den Terrain groussraimeg isoléiert muss sinn. Zbsp ee Spadséierwee just niewendrun kéint fir Spadséiere geféierlech ginn. Eng gutt Nouvelle fir all d'Werfer.innen aus dem Mireille sengem Club (CSL) ass awer datt d'Staadt Lëtzebuerg eng Werferhal um Terrain zu Zéisseng geplangt huet, esou datt am Wanter „dobannen“ trainéiert ka ginn. De Werfer.inn steet dann dobannen am Krees a werft säi Gerät eraus op d'Feld.

Den néidegen Éiergäiz, deen ee brauch fir eng erfollegräich Sportlerkarrière ze maachen, deen huet d'Mireille. Nach haut weist hat vollen Asaz an trainéiert 6 Deeg an der Woch. Nieft e sëllege Medailen (26!!!) an Titelen* am Hummer a Gewiicht huet hat och am Juli 2020 den Outdoor Europarekord an der Kategorie W50 am Gewiichtwerfen mat 17,54 Meter opgestallt. D'Krénung war allerdéngs den 28. Januar 2024 wou hat op enger Indoor Kompetitioun zu Sittard (Holland) een neie Weltrekord an der Kategorie W55 opgestallt huet, an dat mat 16,36 Meter! Deen aale Weltrekord vun der Finnin Mirja Kokko aus dem Joer 2018 gouf domadder em 14 Zentimeter verbessert. Chapeau kann een nëmmen dozou soen!

Mee Hummer- a Gewiichtwerfen ass net just e Sport fir d'Mireille, mee d'ganz Famill ass dorunner bedeelegt. Bei der Famill Tonizzo-Kosmala dréit sech bal alles em dës 2 aussergewéinlech Sportarten. Esou ginn d'Vakanze mat de Meeschterschaften an anere Kompetitiounen zesumme geluecht. Dëst bréngt natierlech mat sech datt si esou schonns bal d'ganz Welt bereest hunn a Bekantschaften duerch sämtlech Länner opgebaut hunn. Reegelméisseg kommen international Kollegeinnen op Besuch op Hoen a profitéieren dovunner e puer Profitips vum Trainer a senger excellenter Sportlerin ze kréien. Och de Bouf huet sech un d'Hummer- an Diskuswerfen erugemaach an ass Lëtzebuurger Champion a senger Kategorie, och wann hien sech éischer fir japanesch Kampfsportarten interesséiert.

Dem Mireille ass den Asaz an der Nationalekipp (Badminton oder Hummer- a Gewiichtwerfen), fir säi Land ze verrieden, ëmmer e besonnesche Moment, deen hat net wéilt vermessen. All Asaz ass ëmmer erëm mat villen flotte Momenter an onvergiessleche Souvenire versinn. Besonnesch fir hat, mee bestëmmt och fir all déi aner Sportler.innen, ass et dee Moment, wann een um Podium steet an d'lëtzebuergesch Nationalhymn gespillt gëtt. Et ass einfach ergräifend, wann een esou „belount“ gëtt fir eppes wat ee fir säi Land fäerdeg bruecht huet. Als klenge Clin d'oeil ass deen onvergiessleche Moment, ewéi op enger Weltmeeschterschaft d'lëtzebuergesch Nationalhymn vergiess gouf, wéll d'Organisateuren net domadder gerechent haten datt eist klengt Land ee Meeschtertittel kéint ergatteren. Zum Gléck war den Ersatz schnell fonnt: d'Teammemberen an d'Famill sur place hu kuerzer Hand d'Heemescht selwer gesongen! Ee memorabele Moment un deen sech d'Mireille säi ganz Liewen erënnere wäert. Déi éischt Nominéierung an der



Liichtathletik mat 46 Joer, zesumme mat sengem Mann, an an der nammlecher Disziplin an der Nationalekipp ass och esou e spezielle Souvenir, zumools et esou eppes bis elo nach ni hei zu Lëtzebuerg ginn ass a si 2 och dobäi nach e puer Mol d'Hummermeeschterschaften gewonnen hunn.

Eis Sportlerin wëll sech andauernd eppes beweisen, an déi néideg Bestätegung fënnt hat am Sport. Säin Schwachpunkt ass de Stress, deen hat awer brauch fir op seng Héchstleeschtung ze kommen. Fir d'Nervositéit virun engem Optrétt an de Grëff ze kréien, geet d'Mireille mat sengem Mupp spadséiere fir säi Kapp fräi ze maachen an sech esou op seng nächst Kompetitioun ze preparéieren an déi noutwendeg Spannung opzebauen.

D'Mireille gesäit de Sport als Ausgläich zum Liewen, an esou wëll hat och, wann et emol esou wäit ass, an der Pensioun sportlech bliiwen. Nieft dem Sport ass d'Fotografie seng Passioun. Hat freet sech elo schonns doriwwer wann hat an e puer Jore méi Zäit kritt fir sech mat sengem Fotoapparat kennen auseneen ze setzen an duerch eis Gemeng ze zeien fir déi beschte Fotoen ze maachen. Natierlech wäert seng Famill dann och nach ëmmer am Zentrum vu sengem Belange sinn...

Wat d'Mireille sech fir d'Zukunft wënscht?!?

Datt d'Unerkennung am Sport net bei de Jonken ophält, mee datt et zu enger gestärkter Valorisation an de Masters Klassen (W35, W40, W45, W50, W55, W60, W70...) kënnt. Esou ewéi eis Populatioun méi al gëtt, hu mir och ëmmer méi Leit déi an engem erweiderten Alter notabel sportlech Resultater op engem weltkassé Niveau opbréngen. Et wär och flott wann d'Press sech eppes méi mat de Masters Kategorië géif ausernee setzen a reegelméisseg doriwwer informéiere géif...



* dovunner 4 x Weltmeeschterin a 6 x Europameeschterin

STEINFORT PERSONALITY

MIREILLE KOSMALA

SPORT IS HER LIFE...

En

... that's the essence of Mireille Kosmala's remarkable career! A resident of Hagen since 2020, she can look back to a long sport career. She took the first cautious steps as a child in athletics at CA Schiffflange. Thus, she quickly switched to LASEP (and later to LASEL), immersing herself in all kinds of sports.

Mireille first came into contact with badminton in 1989, a sport then in its infancy, without qualified coaches, without a national team and without proper infrastructure. She emerged as one of the pioneers to join the national team. She held that role from 1991 to 1994 and she can call impressive 8 championship titles in the highest category her own. It was in an era when the press avidly covered a variety of sports, which for sure contributed significantly to badminton's rise in popularity. Nowadays, such a fringe sport would probably remain on the sidelines... Mireille played badminton until 2021. It should be mentioned that she also distinguished herself as one of Luxembourg's first badminton referees.

In 2010, following an injury, Mireille had to slow down with badminton. However, rather than idling away, she turned her attention to her husband, Steve Tonizzo's disciplines of hammer and weight throwing –and found herself immediately captivated. Her husband became her coach. In the couple, both of them win together, when Mireille secures another championship or title: she as the athlete, and her husband as the coach. They both understand exactly each other's needs and emotions in various situations (be it winning or losing)... A seamless partnership and an unbreakable bond.

Hammer and weight throwing are athletics disciplines

